Helperknapp, 27/02/2024

# Rapport de la commission de l'agriculture et des chemins ruraux et forestiers

## Sëtzung vum 27. Februar 2024

## Präsenzen

| Present (Quorum 50% ≥6) | Entschëllegt | Nit oofgemëllt | Observateuren a Experten |
|---|---|---|---|
| Romain GIRSCH (DG) | Emile SPLICKS (EB) | | |
| Nico EICH (EB) | | | |
| Luc SCHOLTES (EB) | | | |
| Luc LESCH (EB) | | | |
| Jean-Paul VOSMAN (AZH) | | | |
| Paul MAHOWALD (AZH) | | | |
| Louis Malherbe (DP) | | | |
| Sandy WIRTZ (CSV) | | | |
| Raoul KIEFER (DP) | | | |
| Rosie Brandburger (CSV) | | | |

EB = Engagéiert Bierger, AZH = All Zesummen Helperknapp, DG = Déi Gréng

## Dagesuerdnung

1. Begréissung a Präsenzlëscht
2. Approbatioun vum Rapport vum 13.12.23
3. Feldweeprogramm 2024
4. Feldweeprogramm fir déi kommend Joëren
5. PC12 Béiwen - Useldéng
6. Veloswee vum Fënsterdall op Récken
7. Grenzmarkéirung vun de Feldweeër (z. Bsp. tëschend Huelmes an de Bricherlächer) (Louis)
8. fräi Ausprooch
9. nächst Versammlung

## Punkt 1 : Begréissung a Präsenzlëscht

De Luc L. huet d'Memberen vun der Kommissioun wëllkomm geheescht an d'Präsenzlëscht ass gefouert ginn. De Quorum vun > 50% vun den Memberen ass erreecht.

Aktuell ginn et nach ëmmer Problemer mat der Verdeeleradress vun der Gemeng (chemins.ruraux@helperknapp.lu), dowéinst soll all Member seng E-Mail dem Luc S. matdeelen dass d'Invitatiounen mam Ordre du jour an de Rapporten Jiderengem kënnen gemailt ginn.

## Punkt 2 : Approbatioun vum Rapport vum 13.12.23

De Rapport vun daer läschter Sëtzung vum 13.12.23 ass eestëmmeg ugeholl ginn.

## Punkt 3 : Feldweeprogramm vun der Gemeng fir 2024

Op Nofro bei der Gemeng kruet d'Kommissioun matgedeelt dass am Joër 2024 folgend Feldweeër an d'Rei gesaat ginn:

- Nr 11 Sëngels-Muttergottes
- Nr 10 Bricherlächer - rue de Hollenfels
- Nr 20 Am Zeep
- Nr 23 Oben der Mühle
- Nr 3 Grousst Muer
- Nr 4 Grousst Muer - Scheierberg

Dës Weeër sinn am Geoportail nogezeechend an roud markéiert. Den Zoustand vun den Weeër bléiwt wéi en ass, daat heescht een Buedemwee bleiwt een Buedemwee, do wou Macadam ass kënnt och nees Macadam drop.

Link: http://g-o.lu/3/FQid

## Punkt 4 : Feldweeprogramm vun der Gemeng fir 2025

Fir d'Joër 2025 huet d'Gemeng folgend Weeër op de Programm geholl:

- Nr 5 Auf Peuscht
- Nr 1 Hetzerbierg
- Nr 3 Scheidel
- Nr 7 Um Weisserchen
- Nr 6 Follemersteck
- Nr 15 Weiherwasen

Dës Weeër sinn a bloer Faarw am Geoportail nogezeechend.

Link: http://g-o.lu/3/FQid

## Punkt 5 : PC12 Béiwen-Useldeng

An eisem Rapport vun eiser Versammlung vum 12. Dezember 2023 haaten mir ënnert dem Punkt 4 deen aktuell schlechten Zoustand vun der nationaler Velospiste PC12 tëschend Béiwen an Useldéng ugeschwaat. D'Gemeng huet dës Informatioun un d'Ponts et Chaussées weiderginn déi sech ëmt den Zoustand an Ënnerhalt vum Belag vun den nationalen Velospisten këmmert.

## Punkt 6 : Veloswee vum Fënsterdall op Récken

De Luc L. huet der Kommissioun de Point gemaach dass eisen Buergermeeschter sech mam Buergermeeschter vu MIersch am Gespräich ass fir deen bestehenden Wee tëschend dem Obenthalt an Récken soll an een besseren Zoustand sëtzen. Hei bleiwen eng Partie Punkten zum Thema Naturschutz ze klären, op enger Plaz stinn rar Pflanzen déi missten erhaalen oder emgesiedelt ginn. Dësen bestehenden Wee kéint zum Beispill mat Spurrinneplacken an een karrossabelen Zoustand fir quasi all Velo bruecht ginn an eisen Bierger et sou erlaben op engem flotten Wee an eis Nopeschgemeng Miersch ze furen.

## Punkt 7 : Grenzmarkéirung vun de Feldweeër

De Louis huet der Kommissioun matgedeelt dass eng Partie Gemengen op de Wee gaange sinn Grenzmarkéirungen laanscht Feldweeër ze maachen, sou dass beidsäiteg vum Wee keng Exploitatioun soll gemaach ginn, zum Beispill emplouen vum Akerland.

Nieft dësem Punkt gouf och driwer geschwaat dass d'Gemeng a regelméissegen Ofstänn misst no den Zoustänn vun den Durchleef kucken sollt an déi bestehend Griew laanscht d'Weeër propper hëlt an noutfalls ausbaggeren muss. De Fuerpark ass vun der Gemeng mat engem neien Bagger an entspriechendem Lëffel gudd opgestallt.

## Punkt 8 : frèäi Aussprooch

Et goufen weider keng Problemer genannt.

D'Iddi vun enger gemeinsamer Ausfahrt mam Minibus vun der Thema kann an de Summerméint eemol op de Programm geholl ginn.

## Punkt 9 : nächst Versammlung

Mir hunn zesummen festgehaalen dass mir eis **<u>Méindes, den 6. Mee 2024 um 19h00</u>** nees gesinn,

De Luc S. freet bei der Gemeng de Sitzungssall un.